



FEIERSTARTER



Hei eng Iddi weis du kanns Feierstarter doheem bastelen déis du da spéider kanns mat op e Camp e Weekend oder eng Versammlung huelen fir Feier unzufänken. Du kanns se natierlech och doheem huelen fir de Grill unzufänken oder am Wanter e Feier am Kamain ze maachen.

Wat s du braucht

- Eidel Toiletterouleauen
- Fusselen aus dem Trockner
- Eng Bleche Këscht oder soss eng Këscht



Wat s de elo maache muss

1. Sammel eidel Toiletterouleauen. An huel regelméisseg d'Fusselen aus dem Trockner déis de dann an déi eidel Toiletterouleauen stéchs.
2. Du muss d'Rouleauen sou verstauen dass se net fiicht ginn soss brennen se net méi gutt.
3. Wanns du da mol e Féier wëlls ufänken dann kanns du een vun de Rouleauen huelen. Kleng Äscht oder Spéin driwwer tesselen an däi Feier ufänken.
4. Test dat awer **net** doheem an der Stuff dat geet ganz sécher schief aus

Vill Spaass beim nomaachen



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

